pétange
MOTIVATION COMMUNE

Madame COUTO Paula
Conseillère communale

15, rue Amalbergue

L-4806 RODANGE

2026.73562.SECR – E. Referenz

Péiteng, den 23. Oktober 2026

Betreff: Är Froe vum 25. September 2026
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Madame Ana Coutinho - Tel.: 50 12 51 - 3070)

Madamm Couto,

An Ärem Bréif vum 25. September 2026 stellt Dir dem Schäfferot follgend Froen :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

Souwäit ech verstanen hunn, stellt d'Gemeng engem fréiere Gemengenagent (deen elo zënter e puer Joer an der Pensioun ass) eng Wunneng zu Rodange zur Verfügung.

An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:

1. *Kënnen d'Gemengeresponsabel mir déi relevant Dokumenter, notamment eng eventuell Deliberatioun, de Bail oder aner administrativ Akten zur Verfügung stellen?*

2. *Op wéi enger rechtlecher Basis gëtt d'Wunneng nom Enn vun der berufflecher Aktivitéit vum Betraffenen weiderhin zur Verfügung gestallt?*

3. *Ass an dësem Zesummenhang eng Decisioun vun engem fréiere Gemengerot geholl ginn, sief et iwwer d'Zouweisung, eng Verlängerung oder eng nei Reegelung vun der Notzung bzw. Der Locatioun? Wa jo, a wéi enger Gemengerotssëtzung gouf dës Decisioun geholl?*

4. *Falls keng Decisioun vum Gemengerot virläit, wéi gëtt dës Situatioun aktuell administrativ gereegelt?*

Mat Respekt,
Paula Couto
Gemengeconseiller

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

1. De Schäfferot wëll iech drop hiweisen, dat ee Gemengeconseiller d'Recht huet, Abléck an de Register vun den Decisioune vum Schäfferot ze kréien, déi an Ausféierung vun enger Deliberatioun vum Gemengerot geholl goufen. Des Weideren hutt dir natierlech och Asiicht op de Regëster vun den Deliberatioune vum Gemengerot. Dir hutt d'Méiglechkeet, déi gefroten Dokumenter op der Gemeng ze consultéieren.

2. An senger Sëtzung vum 25. November 2002 huet de Gemengerot decidéiert, déi deemoleg Déngschtwunneng zu Rodange dem deemools an der Schoul Neiwiss zu Rodange beschäftegte Portier géint e monatleche Loyer vun 200,00 Euro zur Verfügung ze stellen.

   Am Joer 2015 gouf dës Situatioun nei gereegelt, well déi betraffe Persoun d'Funktioun als Portier net méi ausgeüübt huet. Aus dësem Grond gouf en neie Kontrakt opgestallt, deen an der Sëtzung vum Gemengerot vum 2. Februar 2015 guttgeheescht gouf. Et handelt sech zanterhier net méi ëm eng Déngschtwunneng, mee ëm eng normal Gemengewunneng. De monatleche Loyer gouf op 720,00 Euro fir d' Wunneng an zousätzlech 40,00 Euro fir d'Garage festgeluecht.

3. Dës Fro gouf schonn am Kader vun der Äntwert op d'Fro 2 beäntwert.

4. Dës Fro gouf schonn am Kader vun der Äntwert op d'Fro 2 beäntwert.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 1 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi sur rendez-vous jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925 N° fiscal: 00005132118